LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Agriculture,
de l'Alimentation et de la Viticulture

**Äntwert vun der Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau op d'parlamentaresch Fro n°1897 vum éierbaren Deputéierten Sven Clement**

1. **Wéi ass déi aktuell legal Situatioun zu Lëtzebuerg betreffend d'Produktioun, de Verkaf an d'Benotzung vu Fale mat Colle fir Nagedéieren? Sinn dës vum Artikel 12 vum Gesetz vum 27 Juni 2018 couvréiert?**

   D'Punkte 16 a 17 vum Artikel 12 vum Déiereschutzgesetz (DSG) vum 27. Juni 2018 verbidden d'Doutmaachen oder d'Qual vun Déieren ouni Noutwendegkeet.

   An deene Fäll, wou sou Produiten zum Asaz kommen, handelt et sech am Allgemengen em Schädlingsbekämpfung, sou datt d'Benotzung vu Fale mat Colle ënnert d'Noutwendegkeet vum Artikel 12 vum Gesetz vum 27. Juni 2018 fält.

   Mir ass keent Gesetz bekannt, wou de Verkaf an d'Produktioun vun deene Fale gereegelt ass, d'DSG verbidd et net explizit.

   D'DSG applizéiert sech parallel zu der Gesetzgebung iwwert Schädlingsbekämpfung.

2. **Wéi vill Fale mat Colle gi schätzungsweis all Joer zu Lëtzebuerg verkaf?**

   Et gi keng Donnéeën oder Statistiken iwwert de Verkaf vu Fale mat Colle zu Lëtzebuerg.

3. **Gëtt et zu Lëtzebuerg dokumentéiert Fäll vu geschützten Aarten, déi an esou Fale gestuerwe sinn?**

   Et gi keng Donnéeën oder Statistiken iwwert Fäll vu geschützten Aarten, déi an esou Fale gestuerwe sinn.

4. **Plangt d'Regierung eng Gesetzgebung fir de Verkaf an d'Benotzung vu Fale mat Colle fir Nagedéieren ze reglementéieren oder ze verbidden?**

   D'Déiereschutzgesetz ass de Moment an der Revisioun, an et wäert gepréift ginn, inwéiwäit et sënnvoll oder méiglech ass entspriechend Dispositiounen ze huelen.

5. **Wéi eng Alternative recommandéiert d'Regierung fir eng méi human Kontroll vun Nagedéieren, besonnesch a Wunngebaier?**

   Fir eng fir déi jeeweileg Situatioun ugepasste Kontroll vun Nagedéiere recommandéiert d'Regierung sech un e Fachgeschäft oder eng akkreditéiert Firma fir Schädlingsbekämpfung ze wenden an sech beroden ze loossen.

Lëtzebuerg, den 3. Mäerz 2025

D'Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau

(s.) Martine HANSEN